# D'ADR Positioun an der COVID-Kris am Iwwerbléck

Zënter Ufank 2020 ass Lëtzebuerg mam Coronavirus konfrontéiert. Villes huet sech zënterhier an eisem Land an an eiser Gesellschaft verännert. Dëse Pobeier faasst zesummen, wéi d'ADR sech an der COVID-Kris positionéiert a wat si konkret proposéiert.

## 1. Zur Krankheet selwer

D'ADR hëlt dës Krankheet ganz eescht. Vill Leit entwéckele Symptomer, verschiddener sinn esouguer méi schwéier krank ginn, hu bleiwend Lesioune kritt oder sinn un där Krankheet gestuerwen. Dëst betrëfft net nëmmen, awer virun allem, eeler Leit an och Persounen, déi duerch aner Krankheeten an/oder gesondheetlech Beanträchtegunge méi vulnerabel sinn. D'ADR ass dowéinst der Meenung, datt de Staat muss all Moossnamen huelen, déi a senge Méiglechkeeten an a senge Kompetenze leien, fir d'Bevëlkerung ze schützen an deene kranke Leit ze hëllefen.

Déi Moossnamen, déi geholl ginn, musse sënnvoll, effikass, logesch a kohärent sinn. D'Mënschlechkeet däerf net op der Streck bleiwen. De Staat duerf seng Rechter a Kompetenzen dobäi net iwwerschreiden.

Als Oppositiounspartei kënnt d'ADR hirer Aufgab an aller Seriositéit no, fir d'Moossnamen, déi d'Regierung hëlt, lafend op hir Pertinenz, Effikassitéit an Noutwennegkeet hin ze iwwerpréiwen. D'ADR huet dowéinst ëmmer nees verschidde Moossname vun der Regierung op Basis vun der Entwécklungen hei am Land a vun internationalen, wëssenschaftlechen Etüden an Aussoen hannerfrot, wéi z.B.

- d'Organisatioun vum Unterrecht, bei där vill onlogesch, ineffizient an net eenheetlech Moossname geholl goufen, fir déi d'Regierung keng Verantwortung iwwerhuele wollt;
- d'Präventioun an de Foyeren, Alters- a Fleegeheemer, mat all hiren inkohärenten an heteroklite Bestëmmungen a leider och zum Deel onmënschleche Moossnamen – bei deenen d'Matgefill fir vill eeler a krank Leit, hir Famill oder déi Leit, déi hinnen am nächste stinn, kloer op der Streck bliwwen ass – a fir déi d'Regierung och keng Verantwortung iwwerhuele wollt;
- hiert widdersprëchlecht Handelen, grad och a Bezuch op d'Situatioun am ëffentlechen Transport, besonnesch am Schülertransport;
- d'Wierksamkeet an de Sënn vun de Masken, deenen d'Regierung méintelaang all Wierksamkeet ofgeschwat hat – deemools an Iwwerteneestëmmung mat der WHO – ier d'Regierung se dunn awer massiv promovéiert an op ville Plazen imposéiert huet;
- d'Zouverlässegkeet an d'Aussokraaft vu PCR-Tester, déi vill wëssenschaftlech Froen opwerfen;
- d'Interpretatioun vun den Testresultater an den Ëmgang domat;
- den Notze vum Large Scale Testing a senge medezineschen, ekonomeschen a dateschutzrechtleche Risiken;
- d'Quarantän wéinst enger méiglecher Ustiechungsgefor bei asymptomatesche Persounen;
- d'Zouloossung an d'Uwennung vun diverse Covid19-Impfstoffer,
- d'Méiglechkeet, datt eng Rei Fuerderungen an Entwécklungen (dorënner z.B. Impf-Appen) zu enger Zwou-Klasse-Gesellschaft féiere kënnen, an där net geimpfte Persounen manner Fräiheeten a Rechter hätten;

- d'Gefor, datt d'Leit an den Heemer net eegestänneg an ouni Drock (z.B. duerch den Ausschloss vu bestëmmten Aktivitéiten oder Visitten) entscheede kënnen, ob si sech wëllen impfe loossen oder net;
- asw.

D'ADR ass wuel verstanen NET géint d'Méiglechkeet, fir sech géint de Corona-Virus impfen ze loossen. Ganz am Géigendeel: Si géing et begréissen, wa sécher Impfstoffer fir jidderee géingen zur Verfügung stoen.

Si stellt awer dës Konditiounen: D'Impfung muss fir jidderee fräiwëlleg sinn, ganz onofhängeg vu senger Aarbecht. Et duerf och net iwwert de Wee vun Hannerdieren zu enger Impfflicht kommen. D'Impfstoffer déi agesat ginn, musse sécher sinn, si musse lafend op eventuell Niewewierkungen iwwerpréift ginn („pharmacovigilance") an hir Zouloossung duerch déi kompetent Agenturen, wéi z.B. d'FDA an den USA oder d'EMA an Europa, muss ouni all Form vu politeschem oder ekonomeschen Drock geschéien.

Well d'ADR de Schutz vun der Bevëlkerung wierklech eescht hëlt, huet si Bedenke bei den Impfstoffer, déi am Abléck applizéiert ginn oder nach am Gespréich sinn, well :

- si sinn net no deenen normale Prozeduren an ënner groussem Drock getest ginn;
- si sinn nach net op méiglech Niewewierkungen an enger Laangzäitstudie gepréift ginn,
- si féieren zum Deel Methoden an, déi bis elo beim Mënsch an där Form nach net hunn duerfe benotzt ginn, wouduerch och nach vill Onsécherheete bestinn;
- si sinn och net bei all Alterskategorie a bei all Risikogrupp gepréift ginn;
- de wierklechen Notze vun den Impfstoffer, z.B. am Hibléck op d'Iwwerdroung vum Virus, d'Ausmooss an d'Dauer vum Schutz, ass och a medezinesche Kreesser ëmstridden.

Ëmsou méi engagéiert verlaangt d'ADR vun der Regierung, datt all dës Bedenken eescht geholl ginn. Duerch den Engagement vun der ADR kann d'Regierung net einfach maachen, wat si wëll, mee hir Moossnamen och muss kënne begrënnen.

## 2. Konsequenze fir de Gesondheetssystem

De Gesondheetssecteur ass e Secteur deen immens wichteg fir eis Gesellschaft ass an och ëmmer bleift, an dofir sollt grad an dësem Secteur weder u Personal, nach u Material nach un den néidege Strukture gespuert ginn.

Mat der Reform vun der fréierer Gesondheetsministesch Lydia Mutsch huet d'LSAP virun e puer Joer d'Zuel vun den Akutbetter an de Spideeler plafonéiert. D'Zuel vun de Spidolsbetter zu Lëtzebuerg geet zënter Joren, ënnert enger Rei vun LSAP-Gesondheetsministeren, esou wuel an absolutten Zuelen ewéi och relativ zur Populatioun bestänneg erof (Source: STATEC). Dës Situatioun dréit elo leider maassgeeblech mat dozou bäi, datt d'Kapassitéiten an de Kliniken net duerginn, fir eng gréisser Kris kënnen ze meeschteren. D'ADR huet mat engem Gesetzesvirschlag vum Deputéierte Jeff Engelen virgeschloen, dëse Plaffong nees ofzeschafen an domat d'Situatioun ze verbesseren.

D'ADR verlaangt ausserdeem, an dat och scho laang viru Covid-19, datt dat geplangte Militärspidol genuch Kapassitéite kritt, fir och bei Pandemien, Naturkatastrophen, Konflikter oder Attentater kënne genuch Personal a Better kuerzfristeg ze mobiliséieren.

D'Regierung huet dee wuertwiertlech liewenswichtege Gesondheetssecteur iwwer Jore vernoléissegt an em net déi néideg Wäertschätzung entgéintbruecht.

D'Leit um Terrain an hir Problemer gi scho laang ignoréiert an iwwergaangen. D'ADR huet scho méi wéi eemol dorop opmierksam gemaach a verlaangt, datt eppes geschitt.

D'Beruffer am Gesondheetssecteur, am wäite Sënn, musse revaloriséiert ginn. Dëst huet Implicatiounen op d'Orientéierung an déi Secteuren, op d'Formatioun, op d'Beschreiwung vun de jeeweilege Kompetenzen an op hir Remuneratioun. Betraff sinn d'Beruffer vum Aide-soignant an dem Infirmier awer selbstverständlech och dee vun anere Leit, déi an der Spidolscommunautéit schaffen.

D'Situatioun vun den Doktere verdéngt eng besonnesch Opmierksamkeet. D'ADR schwätzt sech fir eng Stäerkung vun der liberaler Medezin zu Lëtzebuerg aus, fir den Dokterberuff méiglechst attraktiv ze maachen. D'Nomenklatur muss endlech ugepasst a moderniséiert ginn. Den Dokter an déi medezinesch Versuergung vun de Patienten dierfen net an en Ofhängegkeetsverhältnis zur Gesondheetskeess gestallt ginn.

## 3. Rechtstaatlech Aspekter

Déi prinzipiell Positioun vun der ADR ass, datt de Staat berechtegt ass, Mossnamen am ëffentleche Raum ze huelen, awer datt, wéi et an der Verfassung an an internationale Mënscherechtskonventioune steet, d'Privatsphär vun de Leit an aner Grondrechter virum Staat geschützt sinn. D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt de Staat a Friddenszäiten déi konstitutionell Grondrechter net soll däerfen aschränken oder a Fro stellen. Sollten Ausnamen dozou absolut néideg ginn, z.B. och an enger eeschter sanitärer Kris, bei Attentater a.sw., da musse si, der ADR hirer Meenung no, extrem gutt begrënnt sinn, duerch eng 2/3 Majoritéit an der Chamber decidéiert ginn, a si mussen der Kontroll vum Verfassungsgeriicht ënnerleien.

Zu deene geschützte Rechter zielen, ënner aneren, d'eegebestëmmte Privatliewe vun de Leit, d'Reliounsfräiheet, d'liberté de commerce, d'Beweegungsfräiheet an d'Versammlungsfräiheet.

Opgrond vun där deemoleger Informatiounslag, hat d'ADR den *Etat de crise* am Fréijoer mat gestëmmt, huet awer och wichteg Léieren doraus gezunn.

D'ADR huet festgestallt, datt d'Proportionalitéit vun de Moossnamen am *Etat de crise* muss kënnen enger Iwwerpréiwung duerch d'*Cour constitutionnelle* ënnerworf ginn. Den Deputéierte Roy Reding huet dozou e Gesetzesvirschlag gemaach.

D'ADR schafft u legislativen Initiativë fir festzeleeën, datt fir all Agrëff an d'Grondrechter op d'mannst eng 2/3 Majoritéit an der Chamber néideg ass. De Bierger muss besser virum Staat a sengen, zum Deel arbiträre, Muechtuspréch geschützt ginn.

De facto lieft Lëtzebuerg, wat de Schutz vun de Grondrechter ugeet, zënter Mäerz an engem *Etat de crise*, deen zënter Juni mat der klengstméiglecher Majoritéit vun 31 vu 60 Deputéierten an der Chamber ëmmer nees verlängert an ëmmer weider verschäerft gëtt.

D'ADR vertrëtt d'Meenung, datt de Staat muss d'Bierger an enger Krisesituatioun objektiv a komplett iwwer méiglech Risiken informéieren, an datt en och däerf Recommandatiounen – awer keng Virschrëften – fir déi Beräicher formuléieren, an deenen hien net kompetent ass, wéi z.B. d'Privatsphär. An engem fräie Land sinn et awer d'Leit selwer, déi an Eegeverantwortung fir hiert Privatliewen zoustänneg sinn, net eng Regierung déi sech ëmmer méi fir allmächteg hält.

D'ADR ass géint d'Ausgangsspär, déi disproportionéiert ass an eng ganz Populatioun an hire Grondrechter aschränkt.

D'ADR huet sech vun Ufank u géint eng elektronesch Tracing-App oder och eng Tracking-App ausgeschwat, well esou elektronesch Mëttele gravéierend Verletzunge vun der Privatsphär erméiglechen. Si sinn och net effikass, well si, wéi Beispiller aus dem Ausland et weisen, an europäesche Gesellschafte vun de Populatiounen net akzeptéiert ginn. D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt déi aktuell Situatioun net duerf mëssbraucht ginn, fir d'Dier zum Iwwerwaachungsstaat nach méi wäit opzemaachen.

Mëttlerweil ginn ëmmer méi Covid-Impfstoffer zougelooss, an d'ADR ass besuergt iwwert eng Rei Fuerderungen an Entwécklungen – dorënner politescher, gesellschaftlecher an och technescher, wéi z.B. Impf-Appen –, bei deenen d'Méiglechkeet besteet, datt mir op eng Zwou-Klasse-Gesellschaft histeieren, an där net geimpfte Persoune bestëmmte Rechter a Fräiheete verléieren. Dat ass fir d'ADR awer keng akzeptabel Entwécklung. Et muss onbedéngt séchergestallt ginn, wann néideg och duerch legislativ Initiativen, datt haut an och an Zukunft keng Ënnerscheeder tëscht geimpften an net geimpfte Persounen däerfe gemaach ginn, net an hire Rechter an net an hire Fräiheeten.

Am Abléck gëtt et awer scho vill Diskussiounen an der Politik, ob déi staatlech verhaangen Aschränkunge vun de Grondrechter sollen oder kënnen opgehuewe gi fir Leit, déi sech impfe loossen. Fir d'ADR sinn esou Reegelungen net akzeptabel. Grondrechter huet een, well een e Mënsch ass, an et ass net un enger Regierung, fir Grondrechter opgrond vun esou Entscheedungen ze ginn oder ze refuséieren. Esou Zoustänn gëtt et an totalitäre Regimmer, wou de Bierger iwwert e Punktesystem fir vum Staat fir „gutt" oder „schlecht" befonnten Dote jeeweils belount oder bestrooft gëtt, esou wéi et z.B. an der Volleksrepublik China de Fall ass. D'ADR verdeedegt dogéint d'Grondrechter resolut als onerlässlecht Fundament vun enger fräier an demokratescher Gesellschaft a refuséiert, datt dës Rechter vu politeschen oder opportunisteschen Usiichten ofhängeg ze maachen.

D'Entscheedung, sech impfen ze loossen oder net, MUSS fräiwëlleg sinn a bleiwen an duerf dann och keng Auswierkungen op déi individuell Fräiheeten hunn. Esou soll de Lëtzebuerger Staat sech z. B. op europäeschem Niveau a géintiwwer anere Staaten engagéieren, datt och net geimpfte Leit d'Reesfräiheet behalen. Och soll assuréiert ginn, datt kommerziell Transaktiounen oder Déngschtleeschtungen net däerfe vun enger Impfbestätegung (a wéi enger Form och ëmmer) ofhängeg gemaach ginn. Et muss och garantéiert ginn, datt beim Remboursement vu Leeschtungen duerch d'Gesondheetskeess keng Ënnerscheeder tëscht geimpften an net geimpfte Persoune kënne gemaach ginn. Net geimpfte Persounen, duerfen a kenger Weis diskriminéiert oder stigmatiséiert ginn. D'Impfung duerf net iwwer „Hannerdieren" erzwonge ginn.

## 4. Ekonomesch, finanziell a sozial Aspekter

D'ADR gesäit mat grousser Suerg, wéi déi staatlech Agréffer an d'Ekonomie sech auswierken. Vill Betriber geroden a grouss Schwieregkeeten, riskéieren d'Faillite, an domat klëmmt och de Risiko vum Chômage, vun der Aarmut an anere gravéierende soziale Problemer.

Fir d'ADR muss mat alle Mëttele probéiert ginn, fir ze verhënneren, datt Betriber musse ganz zou maachen. Déi allermeeschte Betriber hu sech all déi Méint ganz streng un déi virgeschriwwen Hygiènesmoossnamen a Restriktioune gehalen an doran och vill investéiert. Dat ass ee Grond méi, firwat si sollen hir Clientë weider mat hirer Déngschtleeschtung servéiere kënnen an hir Dieren net sollen zoumaache mussen. Dat betrëfft selbstverständlech och Secteuren ewéi d'Kultur, den Evenementiel, de Sport an den Horesca.

Et muss seriö a genee analyséiert ginn, wou reell Risike bestinn, fir dann do, wann a wou et néideg ass, adequat Moossname kënne cibléiert a proportionéiert ze huelen. Dëst muss op eng transparent an novollzéibar Manéier geschéien an et mussen och Beweiser bruecht ginn, datt déi Moossnamen och eppes déngen an datt de méigleche Schued, dee si verursaache kënnen, net méi grouss ass ewéi hiren Notzen.

Et ass onverantwortlech vun der Regierung, datt si Moossnamen aféiert, déi en arbiträre Charakter hunn. D'Regierung selwer huet z.B. gesot, datt et am Horesca-Secteur keen Hotspot gëtt, an d'Gesondheetsministesch huet och nach betount, datt et keng wëssenschaftlech Grondlag fir déi Entscheedung gëtt déi si ageféiert huet. Et ass fir d'ADR kloer, datt déi betraffe Betriber mussen zu 100% indemniséiert ginn.

Fir déi sozial Konsequenze vum Chômage partiel ofzefiederen, verlaangt d'ADR datt de Lounausgläich – bis zu engem bestëmmte Plaffong – vun 80% op 100% vum Salaire gehuewe gëtt.

D'ADR mécht och dorop opmierksam, datt e Lockdown dramatesch Konsequenzen op de Staatsbudget huet an d'Verschëldung vum Land massiv eropdreift, wat och nees weider ekonomesch a sozial Problemer no sech zitt. Ëmsou méi genee muss gekuckt ginn, wéi eng Moossname wierklech néideg sinn a wéi eng net. De Schutz vun der Gesondheet ass selbstverständlech prioritär. Allerdéngs musse Schutzmoossnamen ëmmer justifizéiert an der Realitéit ugepasst sinn an esou ëmgesat ginn, datt déi negativ Nieweneffekter ausbleiwen, oder datt si op d'mannst esou wäit ewéi méiglech limitéiert ginn an net iwwerweien.

## 5. Kommunikatiounspolitik

Fir d'ADR ass evident, datt d'Regierung an engem Krisefall muss komplett objektiv an éierlech kommunikéieren. Dobäi mussen awer, eben och an enger Kris, d'Fräiheet an d'Onofhängegkeet vun der Press garantéiert bleiwen, inklusiv engem méiglechst fräien, onofhängegen an ongestéierten Zougang zu Informatiounen. D'Regierung duerf den Zougang zu Informatiounen net monopoliséieren.

Am konkrete Fall muss alles evitéiert ginn, wat eng Kris nach méi dramatiséiere kéint oder eng Atmosphär vun Angscht a Panik férdert, wat eng néideg rational Approche zu de Problemer erschwéiert oder esouguer verhënnert.

An där aktueller Situatioun ass et dowéinst z.B. wichteg ze ënnerscheeden, ob e Mënsch wierklech um Covid-19 gestuerwen, ob hie mat awer net u Covid-19 gestuerwen ass, oder ob hien eventuell zum Zäitpunkt vu sengem Dout just inaktiv Spuere vum Virus a sech gedroen huet. Eleng dës Differenz ass schonn eng wichteg an absolut signifikant Informatioun, net just fir d'Statistik, mee och fir d'Geféierlechkeet, respektiv d'Letalitéit, vum Virus kënnen ze bestëmmen. Wéi d'Gesondheetsministesch op eng Fro vun der ADR (Nr. 2112) geäntwert huet, gëtt jidder Persoun am Land, déi stierft a positiv op de Virus getest gouf, oder bei där – trotz negativem Test – Symptomer festgestallt goufen, déi op Covid-19 higewisen hunn, schliisslech als Covid-Doudege gezielt. Och de Santésdirekter huet op RTL selwer erkläert, datt et keng Roll spillt, ob de Virus d'Doudesursaach ass oder net. Datt domat d'Zuel vu Covid-Doudegen a Realitéit bedeitend méi niddreg dierft sinn wéi dat an der Ëffentlechkeet duergestallt gëtt, gëtt vun der Santé och net kontestéiert.

Et ass och wichteg, dorop opmierksam ze maachen, datt dee bei wäitem gréissten Deel vun deene Persounen, déi, dem PCR-Test no, positiv sinn an domat als „infizéiert" bezeechent ginn, guer keng Symptomer hunn, also asymptomatesch sinn. D'Regierung gëtt net fäerdeg ze betounen, datt ganz vill asymptomatesch positiv Fäll de Virus iwwerdroen, wat si esou geféierlech maache géing. Am Ausland beispillsweis sinn et awer dacks nëmmen déi symptomatesch Leit, déi iwwerhaapt op de Corona-Virus getest ginn. Interessanterweis huet d'WHO schonn am Summer erkläert, datt asymptomatesch positiv Fäll de Virus eigentlech NET weider iwwerdroen. Et kéim nëmme ganz rar vir. Dowéinst sollten d'Länner sech drop fokusséieren, fir déi symptomatesch Fäll ze verfollegen. Domat léiche si gutt, fir d'Iwwerdroung ze ënnerbriechen, heescht et bei der WHO. Den November elo gouf och eng grouss chinesesch Etüd veröffentlecht, un där 10 Millioune Leit deelgeholl hunn. Och hei gouf festgehalen, datt all déi asymptomatesch positiv Fäll an dëser Studie net infektiös waren, de Virus also net weider iwwerdroe konnten. Doropshin huet d'ADR eng parlamentaresch Fro un d'Regierung gestallt, fir ze wëssen op wéi engen Erkenntnesser si hir Politik begrënnt. Schliisslech muss zu Lëtzebuerg all asymptomatesch Persoun, bei där Spure vum Corona-Virus fonnt goufen, an d'Quarantän, wat fir si selwer an hiert ganzt Ëmfeld gravéierend Konsequenzen huet, ewéi och op d'Gesellschaft an op d'Wirtschaft.

D'Teststrategie vun der Regierung, hiren Ëmgang mat den Testresultater an déi doru gekoppelt Moossnamen a Restriktiounen, stinn dacks am Géigesaz zu Erkenntnesser a Recommandatiounen, déi am Ausland gëllen. Fir d'ADR ass dëst e weidere Grond, firwat all restriktiv Moossnamen net nëmme musse konkret an op wëssenschaftlecher Grondlag justifizéiert ginn, mee och musse

periodesch op hir Wierksamkeet hin evaluéiert ginn. Béides bleift d'Regierung eis awer dacks schëlleg.

## 6. D'Widderstandsfäegkeet vum Land an enger Kris verbesseren

D'ADR huet schonn direkt am Ufank vun der Kris eng Rei vun Initiativë geholl a Motioune proposéiert, fir eist Land fir d'Zukunft besser opzestellen. Et kann net sinn, datt mir vu China oder anere Staate komplett ofhängeg sinn an datt mir keng Reserve bei wichtege Produkter hunn.

D'ADR huet dowéinst, ënner anerem, proposéiert:

- eng nei Industriepolitik fir wichteg Secteuren an Europa an och zu Lëtzebuerg op- bezéiungsweis auszebauen, z.B. an der Chimie, der Pharmazie, der Elektronik an de Kommunikatiounstechnologien;
- strategesch Reserven u liewenswichtege Gidder unzeleeën, wéi z.B. Liewensmëttel a Medikamenter, wéi och Pëtrolsreserve fir 90 Deeg, wat zënter Jore vu verschiddene Regierunge komplett vernoléissegt gëtt;
- d'Landwirtschaft ze stäerke fir Lëtzebuerg méiglechst wéineg vum Import vu Liewensmëttel ofhängeg ze maachen.

Dës Politik muss och duerch effikass Verwaltunge geréiert ginn, wéi z.B. den Haut Commissariat à la Protection nationale. D'Arméi, d'Police, de Rettungsdéngscht (CGDIS), d'Douane, wichteg Logistikdéngschter a selbstverständlech d'Santé musse fir méiglechst vill verschidden Aufgabe genuch Personal a Material hunn. An dem Sënn musse si och déi néideg Reserve kënnen opbauen.

D'ADR huet och eng besser international Zesummenaarbecht gefuerdert, z.B. mat dem däitsche Robert-Koch-Institut. Och dëst ass e Volet, dee vun der Regierung komplett vernoléissegt gouf. Esou Kooperatioune kënnen awer dozou bäidroen, datt d'Situatioun zu Lëtzebuerg am Ausland besser verstane gëtt an domat negativ Konsequenze fir eist Land prevenéieren.

D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt d'Gesondheetspolitik an der EU muss eng national Kompetenz bleiwen. Allerdéngs ass et sënnvoll iwwer verschidde koordinéiert Aktiounen nozedenken, z.B. beim Kaf a Stockage vu Material a Medikamenter oder Schutzmoossnamen op den EU-Baussegrenzen am Fall vu gesondheetleche Risiken. Zum Deel hat d'EU schonn esou Kompetenze virun der Kris, déi si awer net ëmgesat huet.

## 7. Conclusioun

Mam néidege kritesche Bléck hannerfreet d'ADR der Regierung hir Handlungen a verlaangt konkret Beweiser a wëssenschaftlech Grondlagen dofir. Ëmmerhi steet hei ganz vill um Spill, fir d'Privatleit, d'Betriber fir eis Wirtschaft an eist Land. Der Regierung hir Handlungen hu wäitreechend Konsequenze fir d'Gesellschaft. Dës si sozialer grad ewéi ekonomescher Natur a betreffen och d'Gesondheet, esouwuel kierperlech ewéi psychesch. An do ass all Altersschicht betraff. Dëst gouf och schonn duerch statistesch Erhiewunge festgestallt. Grad dofir kuckt d'ADR der Regierung hei ganz besonnesch op d'Fanger, well si ebe grad fir de Gesondheetsschutz vun de Leit ass.

Et ass och net nei, datt d'ADR d'Rechtsstaatlechkeet, de Schutz vun der Privatsphär an d'perséinlech Fräiheete vum Bierger verdeedegt. Dofir referéiert d'ADR sech och ëmmer nees op déi eigentlech Kompetenze vun der Regierung, déi sech op den ëffentleche Raum limitéieren. An esouguer do war d'Regierung net amstand, fir logesch, kloer a kohärent Moossnamen ze huelen.

D'ADR akzeptéiert weder eng Ausgangsspär nach e staatlechen Agrëff an d'Doheem vun de Leit. An engem fräie Land ënnerläit d'Privatliewe vun de Leit hirer Eegeverantwortung an hirer Entscheedungsfräiheet, an eben net der Autoritéit vum Staat.

D'ADR strieft eng séier a méiglechst komplett Nees-Normaliséierung vum Liewen un. Déi aktuell Restriktioune mussen eng zäitlech limitéiert Ausnam bleiwen an däerfen net zu bleiwenden Ännerungen an eisem soziale Liewen oder eisen Traditiounen a Bräich féieren. Iergendwellech permanent Aschränkunge vun der Fräiheet si fir d'ADR net akzeptabel. D'ADR wëll am Géigendeel déi staatlech Handlungsméiglechkeete méi streng reglementéieren, fir den eenzele Mënsch besser viru staatlechen Agrëffer ze schützen.